Rabais bei Virton an der Belscht

dem Präsident säin Dag

Haut Samschdes den 23.März wor et erëm esouwäit, Rabais wor ungesot an do wees jidereen direckt wat dat heescht.

Dat ass deen Dag ewou mir besonnesch schounend mat eisem Präsident ëmgoën mussen ewell den Dag no der Generalversammlung ëmmer Him geschold ass. Hien dierf dann d'Memberen vum Flyfishing Club verwinnen ewell mir annerwäerts dat ganzt Joër mat Him geplot sin, wat mir awer gären op eis huelen ewell mir eis bewosst sin dass et keen besseren Präsident fir eis kann gin ewei den Jeek et ass.

Genuch gebauchpinselt, mir haten eis also zu énger 30 Méckenfëscher zu Rabais getraff fir et mat den widregen Wiederverhältnesser opzehuelen. Haten mir um Virdag nach éng wonnerbar harmonesch Generalversammlung dierfen erliewen, sin mir beim fëschen awer direckt erëm op den Buedem zeréck gehol gin. 0° bis héchstens 2° Grad an fir dat Ganzt ofzeronnen een äisegen Wand, dat woren d'Viraussetzungen ënnert deenen mir ungetrueden sin. Komescher Weis sin Moies awer vill Fësch op drechen Mécken gefaangen gin!

Fir unzefänken hun ech Haut geléiert dass den Marco den Roger ass an dass den Roger och net den Brudder ass mée den Kolleg..... ech hat an méngem leschten Bericht fälchlerscherweis den Roger als Brudder vum Marc Duton bezeechnet an hat Hien och nach Marco vernannt, do wor ewuel d´Fantasie ee bëssen mat mir duurchgaangen mée wann een déi Zwee niewend enneen gesäit dann kéinten Sie awer duurchaus als Bridder duurchgoën..... Sorry et kënnt net méih vir.

Mat vun der Parti woren niewend den Memberen vum Flyfishing Club och éng selleschen Memberen vum Saumon Club Lëtzebuerg. Ewell ee puer vun eisen Fëscher och am Saumon Club aktiv sin, bid et sech un dass mir eis eemol am Joër gesin fir zesummen ze fëschen an besonnesch ewou mir dach all déi selwescht Passioun deelen. Rabais ass unsech een Séi deen sech unbidd wann een als Veräin wëll zesummen fëschen goën. Den Séi läit direckt laanscht Strooss ewou et och masség Parkgeleenheeten gin. Dodernieft ass ronderem den Séi ganz vill Plaz fir ze werfen wat et esouwuel den Unfänger

ewei och den Profiën erlaabt hir Passioun auszeliewen. Dodernieft huet den Séi vun Rabais éng erstaunlech gudd Waasserqualitéit an ass och ganz kloër, wat besonnesch déi Méckenfëscher freet déi sech un der Nymhe a vue an um fëschen mat der drechener Méck erfreën. Leider bid den Séi sech och beschtens un fir Kongkuren auszedroën wat mat sech bréngt dass d´Fësch ganz kriddelsch sin, mée wann een déi richteg Méck fond huet kann een dofir awer hei richtég Stärstonnen erliewen.

Den Mich huet ewei ëmmer iwwerdriwwen, ewei et awer un d'Jessen gaangen ass hät Hien d'Äerm net méi wäit genuch auserneen kritt fir den Koup ze weisen deen Hien verdréckt huet.

Géint 12 Auer hun mir ons dun op den Apéro getraff deen an Form vun Champes mat pain surprise vum Präsident gestëfft gin wor. Dat wor awer nëmmen den Unfank ewell duerno ass et mat Eintopf mat Mëttwurscht weidergaangen fir am duureechen vun selleschen Toarten säin Héichpunkt ze fannen. Och dës woren vum Jeek matbruecht gin, Hien wees eben ëmmer ewei déif Hien an eiser Schold steet. Duerno hun mir dem Jeek och näischt méi nogedroën ewell esou gesiedegt gin zeguer déi rauhësten Bridder erëm zu Lämmecher.

Mëttes hun déi wellesch et no déier üppeger Molzécht nach bei d´Waasser gepackt hun, et nach éng Kéier mam rauhën Klima opgehol mée d´Wiederkonditounen hun sech ëmmer méi verschlechtert an géint 4 Auer huet et dun och nach ungefaangen mat reenen. Mëttes sin och net méi esouvill Fësch gefaangen gin ewell mëttlerweil den Wand esou zougeluecht hat dass och kéng Fësch méi gestiegen sin. Mir haten erëm éng schéin Sortie déi gewisen huet dass, och wann d´Wieder net ëmmer matspillt, d´Freed un eiser Passioun dach esou grouss ass dass mir eis ëmmer erëm op een Neis op den Weë maachen fir zesummen déi vill schéin Momenter beim fëschen ze erliewen. Elo steet eis Sortie op Lacroix sur meuse an d´Haus, do ewou mir dat leschten Joër och net verwinnt gin woren mam Wieder an direckt éng Woch drop ass den éischten Héichpunkt am Joër wann mir eis op den Weë an d´Vogesen maachen fir hoffentlech erëm zwee wonnerschéin Deg zu Saulxure sur moselotte ze verbréngen.